

(Hilarité)

D'Décision-cadre zwéngt d'Staten elo, fir Sanktiounen dann och ze huelen. D'Zil ass d'Harmoniséierung vun de Gesetzgebungen an d'Harmoniséierung virun allem vum Droit pénal an der EU.

De Résumé vun der Direktiv 35 nun. Déi Direktiv seet dat heiten: Wann Hydrocarburen - dat heescht Dreifstoff, Pétrol an aner Chemikalien, déi Der an den Annexen opgezielt kritt - absichtlech oder op eng onvorsichteg Aart a Weis oder och op eng nollésseg Aart a Weis an d'Waasser kommen, an den Environnement kommen, da sinn d'Versaacher haftbar dofir.

Dat bezitt sech op all d'Schëffer; egal ënner wat fir engem Pavillon déi Schëffer fueren. Et bezitt sech awer net op d'Krichsschëffer an et bezitt sech net op Schëffer, déi vun engem Stat exploitéiert ginn. Haaptsächlech viséiert sinn d'Handelsschëffer.

D'Ausnahmen, déi fir all Schëff gëllen, sinn déi heiten: Wa Gefor besteet fir d'Schëff selwer, wann eng Havarie ze befierchten ass, oder wa Gefor besteet fir d'Liewe vun de Leit um Schëff, da kënnen natierlech Mesurë geholl ginn, déi och d'Ëmwelt an deem Fall schiedegen.

Ech wëll eng Parenthèse opmaachen: En englescht Geriicht - High Court of Justice - huet déi Direktiv contestéiert. Awer et ass eng reng formal Contestatioun, esou wéi mir gesot ginn ass, déi keen Effet suspensif huet. De Procureur huet och gesot, datt déi Direktiv a Kraaft bleift.

Dann de Résumé vun der Décision-cadre 667 vun 2005. Hei ginn d'Sanktiounen festgeluecht fir physisch Persounen, déi géint dee Code verstoussen. D'Memberstate ginn obligéiert, fir déi Schëlleg ze bestrofen. Si kënnen bestrooft gi mat Prisong. Si kënnen bestrooft gi mat Geldstrofen. All déi Sanktiounen si gestaffelt jee no der Gravitéit.

A si kënnen bestrooft gi mat Lizenzentzuch fir déi Personnes physiques, déi sech schëlleg gemaach hunn. Dat wär an deem Fall de Kapitän; dat wäeren d'Ingenieuren; dat wär d'Besatzung. Vlächcht kann een an deem Kontext schonn drop hiweisen, datt d'Chambres professionnelles zu Lëtzebuerg gesot hunn - virun allem d'Chambre de Travail an och d'Chambre des Employés privés -, datt et am Fong ëmmer nëmmen dee Klengen trëfft an datt een och misst un d'Hannerleit kommen, déi eben un deem dote Commerce a munchmol och un enger Havarie nach Geld verdéngen, oder wann e Schëff Mazout ofléisst oder seng Chargen an d'Mier werft. Also, et sollten net nëmmen d'Personnes physiques viséiert ginn, mä och d'Personnes morales.

Da stellt sech d'Fro vun der Responsabilitéit vun enger Personne morale. Eng Personne morale ass e Grupp. Eng Personne morale ass eng Kollektivitéit, déi leschtenenns responsabel ass fir den Zoustand vum Schëff. Och si kënnen zur Rechenschaft gezu ginn, zum Beispill duerch den Entzuch vun der Lizenz fir Commerce ze bedreiwen. Och do gétt et e Katalog vu Sanktiounen vis-à-vis vun enger Personne morale.

Wéi ass d'Positioun vu Lëtzebuerg an deem Kontext, am Kader vun deem Gesetz?

Mir hunn 1990 e Pavillon maritime luxembourgeois geschaf. 1997 hu mer nach eng Kéier légiféréiert. Mir hunn de Registre public fir Bateaux de plaisance geschaf. Enn 2007 - dat ass awer interessant - sinn 148 Schëffer ënnert dem Lëtzebuerger Pavillon op de Weltmier geschwommen. 148 Schëffer mat engem Total vun 932.000 Bruttoregistertonnen. Also, Lëtzebuerg ass gebieden dës Législatioun ëmzesetzen, well mir mussen déi Leit, déi ënner eisem Pavillon fueren, och kënnen zur Rechenschaft zéien. Dat gëllt och wann tëschent Stengefort an dem Nordmier nach ëmmer d'Belsch läit, esou wéi den Ausseminister dat ëmmer seet.

Mä an der Direktiv gétt et eng Serie vun Artikelen, déi nëmmen déi Länner betreffen, déi e Littoral hunn an déi en internationalen Hafen hunn. Den Hafe vu Mäertert ass also an deem Fall net concernéiert. Déi Décision-cadre gesäit da pénal Sanktiounen vir an och eng Serie vun Dispositiounen, déi sech nëmmen op d'Verbindung mat der communautärer Administratioun bezéien an net op d'Administratioun respektiv op d'Justiz vun den eenzelne Länner.

Déi Décision-cadre ass am Oktober 2007 annulléiert ginn, mä nëmme provisoersch. Si gétt nees eventuell - dat hu mer gesot kritt - an enger neier Directive-cadre iwwerholl, well hannert deem ganzen Opbau, hannert där Konstruktioun vun Décision-cadre an Directive stécht jo d'Iddi, datt een net nëmmen d'Pollutioun bekämpfe soll, mä datt een och an engem Text Sanktiounen virgesi soll wa Pollutioun geschitt.

D'Regierung hat beschloss, déi zwee Texter mateneen ëmzesetzen, virun allem well et e Ganz ass.

De Conseil d'État huet zu deem Gesetz zwee Avisen ofginn, mat enger Opposition formelle. Ech liesen lech de Saz vir, deen déi Opposition formelle begräift: «La responsabilité pénale d'une personne morale n'est en l'état actuel prévue par aucune de nos lois et il n'y a aucune raison pour l'introduire dans le cadre du présent projet, alors que le projet de loi introduisant la responsabilité pénale des personnes morales dans le Code pénal et dans le Code d'instruction criminelle, (...) entend précisément établir un cadre général pour la responsabilité des personnes morales. Aussi le Conseil d'État s'oppose-t-il formellement à l'introduction, en l'état et dans une matière spéciale, d'une dérogation à un des principes fondamentaux de notre droit pénal.»

De Justizminister huet de Projet de loi den 20. Abrëll 2007 schonn deponéiert a mir hunn, souwäit ech weess, nach ëmmer den Avis vum Conseil d'État net. Dat hei ass jo also och eng Opfuerderung fir dee Projet de loi iwwert d'Responsabilité pénale vun der Personne morale ëmzesetzen am Lëtzebuerger Droit.

E Wuert nach zu de Sanktiounen. Dir fannt déi, Här Goerens, am Artikel 4, Säit 8 um Dokument, wat Der virun lech hutt.

» M. Charles Goerens (DP).- Et ass awer e wichtige Projet, well Dir sidd schonn iwwer Är Zäit!

» M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur.- Neen, neen, et ass nach ëmmer giel.

(Brouhaha général)

» M. le Président.- Här Rapporteur, Dir sidd schonn dräi Minutten iwwert d'Zäit. Schléisst elo of, wann ech gelift.

» M. Charles Goerens (DP).- Da sidd Der faarweblann.

» M. Jos Scheuer (LSAP), rapporteur.- Wat d'Wichtigkeet vum Projet ugeet: Wann eng Katastroph geschier gewiescht wär, Här President, hätt Der mer d'Wuert gelooss.

(Hilarité)

Si ka muer sinn, Här President!

(Interruption)

D'Sanktiounen begräife fënnef bis zéng Joer an d'Strofe vu 5.000 bis 200.000 Euro.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat zur Essenz vun engem Projet, deen trotzdeem wichteg ass an deen och kéint fir Lëtzebuerg vu Wichtigkeet sinn; dat ass nëmmen d'Essenz dovun. Ech iwwerbréngen dann d'Zoustëmmung vun der LSAP.

Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Rapporteur. Är Ausféierunge waren esou iwwerzeegend; ech gesinn, dass all déi aner Fraktiounen lech voll zoustëmmen an domadder och den Accord an de Merci un lech bréngen. Mir stëmmen elo of, well d'Regierung ass, wéi ech gesinn, och ganz zefridde mam Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5686 ass eestëmmeg ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, bei kenger Nee-Stëmm a kenger Abstentioun.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par Mme Martine Stein-Mergen), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. John Castegnaro), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Marc Angel), Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par

M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps (par M. Claude Meisch), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Den nächste Projet, dee mer um Ordre du jour hunn, ass e Partnerschaftsofkommes tëschent den EU-Länner an Turkmenistan. D'Wuert huet elo de Rapporteur, den hono-rabelen Här Marc Angel.



3. 5769 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de partenariat et de coopération établissant un partenariat entre les Communautés européennes et leurs États membres, d'une part, et la République du Turkménistan, d'autre part et de l'Acte final, signés à Bruxelles, le 25 mai 1998

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Défense, de la Coopération et de l'Immigration

» M. Marc Angel (LSAP), rapporteur.- Här President, léif Kolleeginnen a Kol-leegen, et geet an deem Projet de loi ëm en Accord de partenariat et de coopération zwëschent den Europäesche Communautéiten an hire Memberstaten op där enger Säit, an der Republik Turkmenistan op där anerer Säit.

Wéi et zu esou engem Accord komm ass, ass vlächcht interessant ze erwähnen.

1989 hunn d'Europäesch Communautéiten en Accord iwwert de Commerce an d'Coopération commerciale et économique mat der Sowjetunioun ënnerschríwwen. No der Desintegratioun vun der Sowjetunioun sinn d'Effete vun deenen Accordë prolongéiert gi mat deene Staten, déi dunnofhängeg gi sinn. An am Mäerz 1992 huet dunno de Conseil des Affaires générales der Europäescher Kommissioun den Uerder ginn, nei Accorden auszeschaffen.

Dës nei Accordë sinn eben déi APCen, déi Accords de partenariat et de coopération, vun deene mer haut schwätzen. Wat eng nei Form vun Accordë war, déi - wat ech wëll ënnersträichen - net esou wäit ginn, wéi déi aner klassesch Accorden, déi mer oft hei ofstëmmen, déi sougenannt ASÄen, déi Accords de stabilisation et d'association, déi mer haaptsächlech mat osteuropäeschen an zentraleuropäesche Länner ofgeschloss hunn.

D'Accords de stabilisation et d'association, am Ënnerscheed zu den Accords de partenariat et de coopération, beinhalten nämlech och nach eng Clause de libre échange a mentionnéieren och d'Méiglechkeet fir der Europäescher Unioun bäizetrieden. D'APCen - an deem Fall wou mer eng Partnerschaft mat Turkmenistan besigelen - gesinn dat selbstverständlech net vir.

D'APCe sinn och Accords mixtes, dat heescht si couvréieren Domäner, déi d'Europäesch Unioun uginn, an et ginn awer och Handlungsfelder, déi ënner national Kompetenz falen. Dofir musse mir och haut déi Accorden hei approvuvéieren.

Et si schonn där APCe mat zéng Länner ënnerschríwwen ginn: Russland, Ukraine, Armenien, Aserbaidshan, Georgien, Kasachstan, Kirgisien, Usbekistan, Moldawien an de 5. Abrëll 2006 hate mer hei am Haus den APC mat Tadschikistan approvuvéiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt nach eng perséinlech Remarque maachen. Ech hoffen, dass d'EU an Zukunft och en zwoeleften APC kann ënnerschreiwen, an dat mat Wäissrussland, wann do eng Kéier demokratesch Verhältnissen herrschen. Ech hoffen och, dass den internationalen Drock op déi Diktatur do weider unhält an dass déi demokratesch Kräften do ënnerstëtzt ginn, fir dass mer deen Exercice, dee mer haut hei mat Turkmenistan maachen, och mat deem Land kënnen maachen.

Den Accord, iwwert dee mer haut ofstëmmen, huet also als Zil, eng Partnerschaft zwëschent Turkmenistan an der EU opzebauen, an dofir gesäit e vir, déi politesch, ekonomesch a kommerziell Relatiounen ze regelen. Dësen Accord ass eng Basis fir eng Kooperatioun an Domäner wéi zum Beispill dat Soziaalt, d'Finanzen, d'Wëssenschaft, d'Technologie an awer och d'Kultur.

An dem Préambule vun deem Accord ass och nach de Wëlle festgehalen, d'Lienen zwëschent Turkmenistan an der EU an hire Memberlänner ze festegen an doduerch zu Fridden an zu Sécherheet bäizedroen.

An deem Accord gëtt genau wéi an all deenen aneren APCen de politeschen Dialog groussgeschríwwen.

Här President, léif Frënn, a mengem schrëftleche Rapport sinn ech am Detail op déi rezent Geschicht a politesch Entwécklung vun Turkmenistan agaangen. Dofir erlaben ech mer dat elo hei ganz kuerz mëndlech ze resuméieren.

Turkmenistan ass e Land vu 488.100 Quadratkilometer, et ass also 189-mol méi grouss wéi Lëtzebuerg, an an deem Land wunne 4,9 Milliounen Awunner, praktesch zéngmol méi wéi hei. D'turkmenesche Autoritéiten estiméieren hir Populatioun awer op sechs Milliounen Awunner.

Turkmenistan huet Grenze mat Usbekistan, Kasachstan, Afghanistan, Iran a mam Kaspesche Mier. Mir befannen eis hei also an engem Raum, deen, mengen ech, geopolitesch a geostrategesch enorm wichteg ass, besonnesch wann ee bedenkt, dass Turkmenistan Grenzen huet zum Iran an och zu Afghanistan.

Turkmenistan huet, am Géigesaz zu deene meeschten aneren zentralasiatesche Länner, vum ethnesche Standpunkt gesinn eng ganz homogeen Bevölkerung; 98% vun der Gesamtbevölkerung sinn Turkmenen. Et kann een do vlächcht soen, dass säit 2003 den deemolege President Niazov d'Zuel vun där russescher Bevölkerung erofgesat huet, andeems en d'Duebelnationalitéit ofgeschaaft huet an andeems en de Russen, déi an Turkmenistan gelieft hunn, et ganz schwéier gemaach huet fir sech um Aarbechtsmaart ze etabléieren. Du si ganz vill Russen zrëck a Russland gaangen.

Säit senger Onofhängegkeet vun der Sowjetunioun am Joer 1991 bis an den Dezember 2006 gouf dat Land vum President Niazov quasi diktatoresch gefouert.

An engem Referendum 1991 huet sech d'Bevölkerung vun Turkmenistan zu 95% fir d'Ofspaltung vun der Sowjetunioun ausgeschwat a säitdeem huet sech och de President Niazov den Titel gi vum „Turkmenbashi“, dat ass iwwersat de Papp vun den Turkmenen.

1994 huet hien duerch e Referendum d'Präsidentenwahlen, déi fir '97 virgesi waren, annulléiere gelooss an huet d'Constitutioun esou ännere gelooss, dass hien hätt kënnen bis 2010 - bis zu sengem 70. Gebuertsdag - un der Muecht bleiwen.

2006 ass en awer dunno am Dezember gestuerwen, an déi Zäit, wou hie regéiert huet, ass net duerch Demokratie a Fräiheet gekennzeichnet.

No sengem Doud koum et am Februar 2007 zu relativ ondemokrateschen Wahlen, no deenen de fréiere Vizepremier Berdymukhammedow zum neie President gewielt gouf. Bei dese Wahle war d'Oppositioun, déi am Exil war, net zougelooss.

Laut engem Bericht vun „Journalistes sans frontières“ läit Turkmenistan, wat d'Pressefräiheet ugeet, op Plaz 167 vun 168 Länner. Wat Korruptioun ubelaangt, klasséiert „Transparency International“ Turkmenistan als 162. Land op enger Lëscht vun 179. Och amnesty international zeechent ee ganz däischtert Bild, wat d'Situatioun vun de Mënscherechter ugeet.

An deem Kontext hunn och de Comité des droits de l'enfant an de Comité pour l'élimination de la discrimination vun der UNO inquietant Rapporte virgeluecht.

Am Rapport mondial 2007/2008 iwwert den Développement humain ass d'Land op der 109. Positioun vun 177 Länner, wat den Indicateur vum Développement humain ugeet.

D'Aussepolitik vun Turkmenistan charakteriséiert sech duerch seng Neutralitéit, déi offiziell vun de Vereenten Natiounen unerkannt ass. Sait August 2005 ass Turkmenistan och net méi Member vun der CEI, der Communauté des États Indépendants. Turkmenistan wollt do just nach de Statut vum Observateur behalen.

D'Land ënnerhält awer ganz gutt Relatiounen mat Russland a mat der Ukraine. Dat huet natierlech domat ze dinne, dass Russland d'Gazoducen, déi duerch dat Land ginn, kontrolléiert.

E wichtegen aussepolitische Chantier ass de Statut vum Kaspesche Mier, wat jo laang nëmmen zwësche Russland, dann der Sowjetunion an dem Iran gedeelt war, dat awer elo fënnef Urainerstaaten zielt. Dës fënnef Länner kënnen sech net iwwert de Statut vum Kaspesche Mier eenegen.

Et geet nämlech dorëm, festzeleeën, ob dat Kaspescht Mier e Mier ass oder e Séi. Dat ass eng wichteg Fro, well am internationale Recht gëtt et do grouss Differenzen, wat d'Exploitatioun vun deenen natierleche Ressourcen ugeet.

Zréck zum Accord wollt ech lech nach soen, dass laut dësem Accord zwou Institutiounen agesat ginn, fir d'Mise en œuvre vun deem APC ze iwwerwaachen; eng op der exekutiver Säit, dat ass de Conseil de coopération, deen zesumme gesat ass duerch d'Membere vum Conseil vun der Unioun a vun der Europäescher Kommissioun an natierlech och vu Membere vun der turkmenescher Regierung. Derniewent gëtt et och d'Commission parlementaire de la coopération, déi aus Membere vum Europaparlament a selbstverständlech aus Parlamentarier aus Turkmenistan zesumme gesat ass.

Onse Statsrot erënnert a sengem Avis, dass mir als Europäer all Intérêt hunn, eis Präsenz am Häerz vun Zentralasien ze renforcer. De Conseil d'État erënnert awer och un den Artikel 3 vun dësem APC, vun dësem Accord, wou drasteet, dass déi regional Kooperatioun soll favoriséiert ginn. An deem Kontext erënnert en un déi schwierig Relatiounen, déi zwëschent Turkmenistan an Usbekistan bestinn.

Dir Dammen an Dir Hären, eng regional Kooperatioun, déi iergendwann eng Kéier zu enger regionaler Integratioun féiert, ass - mengen ech - eng ganz wichteg Saach. Mir hunn dat virdrun héieren, wéi den Ausseminister iwwert de Westbalkan geschwat huet, an och an dëser Regioun ass dat eng wichteg Fro.

Zum Ofschloss wollt ech lech froen, genau sou wéi de Statsrot eis dat recommandéiert, dëse Projet de loi ze approvüieren. Ech wollt hei och den Accord gi fir dëse Projet de loi vun der LSAP-Fraktioun.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur, am Numm vun alle Gruppen heibannen. Ech géif proposéieren, dass mer dann zum Vote vum Projet de loi kéimen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5769 ass eestëmmeg ugeholl mat 60 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Lucien Thiel), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Carlo Wagner), Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Claude Meisch), Alexandre Krieps (par M. Eugène Berger), Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen zur Diskussioun vum Projet de loi 4985 relatif aux chiens. Et si bis elo ageschriwwen: déi Här Wagner, Schneider, Kox, Mehlen a Jaerling. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Marcel Oberweis.

4. 4985 - Projet de loi relatif aux chiens

Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

» **M. Marcel Oberweis (CSV), rapporteur.** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Madame Statssekretärin, de virleende Projet de loi 4985 relatif aux chiens, am Volleksmond och nach „Muppegesetz“ genannt, gouf de 4. Juli 2002 vun deem deemolege Landwirtschaftsminister an der Chamber déposéiert.

Am Laf vun de Jore sinn awer dräimol Amendementer nogereecht ginn, an eis Chamberskommissioun huet a véier Sitzungen de Gesetzestext an och d'Avisë vum Statsrot diskutéiert.

De Projet baséiert op enger Rei vun Accidenter, déi an de leschte Joren, notament an den 90er Joren, mat Hënn passéiert sinn. Et ass an der Chamberskommissioun gesot ginn, dass mir ronn eng Dosë bis 20 Accidenter - méi graver - hei am Land hunn, mä déi meescht nach ëmmer bannent de véier Wänn an de Wunnengen. Mir haten och Chance: Et koom zu kengem Doudesfall bei dësen Accidenter.

Och ass d'Unzuel vun de sougenannte geféierlechen Hënn - si ginn och gäre Kampfhënn genannt - zënter dem Ufank vun den 90er Jore staark an d'Luucht gaangen. Dat ass e Fait, dee fir Onsécherheet bei ville Leit an eiser Gesellschaft gesuergt huet. Derbäi kënnt awer, dass et heefeg zu bluddegen Tëscheffäll tëschent méi groussen Hënn an och méi klenge Muppe koom ass.

Implizéiert waren awer wéi gesot bestëmmten Hënn, déi psychologesch oder psychesch Charakteristiken opweisen. Opgrond vun dësen Erkenntnisser huet déi deemoleg Regierung gemengt an decidéiert, am Beräich vun der Hondshaltung ze légiférieren an de legale Kader un d'Gegebenheete vun onser Zäit unzepassen.

De Projet ass wéi gesot am Joer 2002 an d'Chamber koom. Par rapport zum initiale Gesetzestext sinn eng ganz Rei vun Dispositiounen geännert ginn.

Virgesi war zum Beispill am deemolegen Text niewent der obligatorescher Kennzeechnung vun allen Hënn den allgemenge Léngtenzwang, an dat op allen öffentlech zougängleche Plazen, wéi Stroossen, Trottoiren, Parken, Bëscher an esou weider.

Fir déi sougenannte geféierlech Hënn waren awer nach extra Dispositiounen virgesinn, zum Beispill dat obligatorescht Droe vum Maulkuurf. Och war dat progressiiv Verschwanne vun dësen Hënn virgesinn.

A sengem Avis vum Dezember 2002 huet de Statsrot sech net dem Prinzip widderst, ze légiférieren, awer en huet drop higewisen, dass de Projet a manche Punkten ze wäit an an aneren net wäit genuch géif goen.

Dësen Déséquilibre berout dem Statsrot no virun allem dorop, dass de Gesetzestext iwwert d'Hënn alleguer gehandelt huet, an net extra op déi sougenannte geféierlech Hënn agaangen ass. D'Zil misst et jo sinn, just gewësse Rassen ze reglementéieren oder ze verbidden do, wou gewosst ass, dass dës geféierlech Rassen ee Problem an der Gesellschaft duerstellen.

De Statsrot schreift och a sengem Avis vun deemools: „D'Geféierlechkeet vun engem

Hond ass an de meeschte Fäll keen objektive Parameter, mä eendeiteg d'Verhale vun dem Hondsbesëtzer an deem säi Sënn fir Responsabilitéit.“

An hie schlussfolgert deemools, et wier éischter beim Hondsbesëtzer ze légiférieren an net beim Hond, well dee vun Natur net geféierlech wier. Den Hond kann een net fir säi Verhale responsabel maachen. Am Fall vun engem Accident ass d'Responsabilitéit villméi beim Propriétaire ze sichen. A well mir schonn eng ganz zolidd Gesetzgebung hunn am Fall vun Accidenter mat den Hënn, huet de Statsrot ënnerstrach, dass nëmmen op vereenzelte Punkte soll nogebessert ginn.

Am Code pénal hu mir den Artikel 556 mat sengen Nummern 2 an 3, an am Code civil den Artikel 1385. An deem Sënn huet den deemolege Conseil d'État proposéiert, den Text vum Gesetz nach eng Kéier op de Leescht ze huelen an deen no véier Kritären ze belichten.

En huet gefrot:

1. D'Dispositiounen, déi fir all Hënn gëllen, sollten nach eng Kéier iwwerduecht ginn, virun allem d'Fro vun der Proportionalitéit vun de pénale Sanktiounen an natierlech den administrativen Démarchen. Et sollt hei den Opwand fir d'Gemengen op engem rasonnabelen Niveau gehale ginn.

2. Am Fall vun engem Accident sollten d'Hondsbesëtzer méi sensibiliséiert ginn.

3. De Léngtenzwang sollt nëmmen do ugewannt ginn, wou en och ze justifiéiere wier. Hie schreift dozou: «Tout interdire revient à tout permettre.»

4. Et soll mat alle Moyenë versicht ginn, d'Chiens d'attaque ze verbidden, genee wéi hir Zuucht an den „Dressage au mordant“.

Et koom dann zu der Grënnung vun der Petitiounslëscht „Mënschen mat Muppen“, op där 16.500 Mënschen ënnerschrifwen haten.

D'Regierung huet an deene folgende Joren den Observatiounen vum Statsrot Rechnung gedroen, andeems se ëmmer erëm nei Amendementer ausgeschafft huet.

Den 18. Januar 2007 sinn de Gesetzestext, d'Amendementer vun der Regierung an och den Avis vum Statsrot vum Dezember 2006 an der Agrarkommissioun op de Leescht geholl ginn. Mir hunn och eng ganz Rei vun interessanten a konstruktive Gespréicher a Réuniounen gehat mat de concernéierte Leit vum Terrain. Esou hate mir empfaangen: d'Centrale Luxembourgeoise du Sport pour Chiens d'Utilité, de Lëtzebuerger Agility Club, d'Déiereschutzliga an och d'Delegatioun, déi d'Petitioun „Mënschen mat Muppen“ eragereecht hat.

Opgrond vun dësen Iwwerleeungen ass et dann zu enger zweeter Serie vun Amendementer säitens der Regierung koom, wou eben och d'Bedenke vun den Associatiounen zum Deel awer konnten ausgeraumt ginn.

Och huet de Statsrot a sengem zweeten Avis complémentaire vum 27. November 2007 zu dësem Gesetzestext da Folgendes geschriwwen: «Le Conseil d'État constate que le dossier sous avis a évolué considérablement depuis le dépôt du premier projet en 2002 et il souligne que, s'il a toujours émis de sérieuses réserves par rapport à bon nombre des dispositions proposées, il n'entend pas faire obstacle à un dispositif approprié et proportionnel, pour autant que les mesures à prendre sont effectivement susceptibles de produire un résultat, à savoir qu'il y ait moins d'accidents impliquant des chiens et surtout que certains propriétaires adoptent un comportement plus responsable.»

Dëse Saz résuméiert dann och de Kader an d'Zilsetzung vum dësem Projet.

Den Avis vum Statsrot ass den 30. Januar 2008 analyséiert ginn an de Rapport ass vun der Chamberskommissioun den 13. Februar ugeholl ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nach e puer Aussoen zu de wichtegsten Dispositiounen vun dem Gesetzeprojet ze ginn.

Den Artikel 1 gesäit vir, dass all Hond an Zukunft duerch en elektronischen Chip enregistriert muss ginn, an dat bannent véier Méint vu senger Gebuert. Déi Donnéeë ginn alleguer an enger Database gespäichert.

Den Artikel 2 definéiert déi Plazen, wou d'Hënn an d'Léngt geholl mussen ginn. An dat sinn: bannent den Uertschaften, am öffentlichen Transport, an öffentlichen Gebaier, op de Parkingen, bei den Tankstellen, während de Manifestatiounen, op de Sportterrainen, de Vëlospisten an de Lafparcoursen.

Op all deenen anere Plazen, also an de Bëscher, op der fräier Gewan, de Feldweeër, do dierfen d'Hënn fräi lafen. Awer ëmmer ënnert der Viraussetzung, dass si vun hirem Besëtzer ëmmer erëm bei sech gepaff kënnen ginn an ënner Kontroll geholl kënnen ginn.

Bannent den Uertschaften kënnen d'Gemenge souguer exceptionnellement Plazen ausweisen, wou den Hond da fräi lafe gelooss gëtt. Awer och ëmmer esou, dass de Besëtzer säin Hond ënner Kontroll huet.

Ausserhalb vun enger Uertschaft kann d'Gemeng och Plazen ausweisen, wou den Hond dann an d'Léngt muss geholl ginn. Dat ass op deene Plazen, wou sech vill Leit begéinen. Zum Beispill op beléiften Trëppelweeër oder an Ecker a Plazen am Gréngen, wou d'Leit da gärden hire Picknick maachen.

D'Artikelen 3 bis 5 beschreiwen, wien en Hond a wéini an der Gemeng umelle muss. Bei der Umeldung muss och e Certificat virgeluecht ginn, aus deem ervirgeet, wellecher Rass den Hond ugehéiert. Och muss de Propriétaire e Certificat presentéieren iwwer eng valabel Assurance Responsabilité civile. Déi deckt am Normalen héich Kierperschied a Sachschied of.

Et gëtt och kloer definéiert, wéi ee virgoe muss, wann den Hondsbesëtzer d'Gemeng wiesselt oder wann en Hond de Besëtzer wiesselt.

D'Artikele 6 bis 8 behandelen dann déi Hondstax, vun där ëmmer erëm diskutéiert gëtt, an och hire Montant, dee mindestens zéng Euro muss bedroen.

Den Artikel 9 ass ganz interessant - domat hu mer eis laang beschäftigt -, well e gëtt ënner anerem all Persoun elo d'Recht, déi mengt, den Noper hätt e béisen Hond, eppes ze soen awer och ze schreiwen.

E muss dem Buergermeeschter eng Note schreiwen, wou en da matdeelt, firwat den Nopeschdunn dann elo e béise kéint sinn. Mä domat geet et net duer. Da muss de Buergermeeschter déi Deklaratioun weiderreechen un d'Verwaltung vun de Vétérinaires. Déi bestëmmen dann zum Beispill e Vëidokter, deen da kontrolléiert.

An deem Fall wou den Noper Recht huet iwwert dee béisen Hond, muss de Mann, deem den Hond gehéiert, speziell Coursé matmaachen. Am schlëmmste Fall souguer muss den Hond e Maulkuurf ugedoe kréien.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. Marcel Oberweis (CSV), rapporteur.** - Net de Mënsch, mä den Hond.

(Hilarité)

De Propriétaire muss eventuell och en Trainingsprogramm mat dem Hond duerchzéien.

(M. Laurent Mosar prend la Présidence)

Am Fall awer, wou sech géif erausstellen, dass den Noper dat doten als Ulooss geholl hätt, muss hien déi Fraisën droen. Am anere Fall muss déi de Propriétaire selwer droen. Also wollt och de Gesetzgeber domat d'Abusen ënner Noperen e bëssen ausschalten.

Am zweete Chapitre ginn d'Artikelen 10 bis 20 behandelt. Do geet Rieds vun den Hënn, déi sech no der Vétérinairesverwaltung als geféierlech Hënn erweisen.

Net mir hunn dat gesot gehat, mä dat ware Leit, déi e bësse méi Ahnung hunn, wéi onsereen. Ech selwer fäerten d'Hënn, kann also guer net matschwätzen do. Am Spezielle gesäit de Gesetzestext eng Rei vu Mesurë vir, fir déi Leit, déi dat anhale mussen, déi Rassenhënn hunn.

Déi Rassen, déi am Artikel 10 opgelëscht sinn, mussen op alle Plazen un der Léngt gefouert ginn, ausser et gëtt duerch en Diplom nogewisen, dass se dat net brauchen.

Am Artikel 14 gëtt gesot, dass ee bei der Vollekszielung de 15. Oktober muss e Certificat hannerleeën, aus deem ervirgeet, dass de geféierlechen Hond kastréiert ass. Domat wëllt een dann och probéieren, dass déi Rasse verschwannen.

D'Besëtzer vun den Hënn müssen obligatoresch eng erfollegräich Formatioun matgemaach hunn a si mussen mindestens 18 Joer al sinn.

Den Artikel 16 erkläert eendeiteg, wien dann esou Dressage-Coursen duerchféieren dierf. An dësem Kontext sief et gesot, dass nëmmen déi Leit, déi am Besëtz vun den néidegen Diplomer sinn, esou en Hond kafen an och importéieren dierfen.

An den Artikelen 18 an 19 gëtt kloer iwwert den „Dressage au mordant“ geschwat, an och vun den Exceptiounen.

Et gëtt eendeiteg festgeschriwwen, wéini dësen Dressage duerchgefëiert dierf ginn